**Evangelium**
**(Mt 12,46-50)**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*
*A. Dir all Éier, Här.*

46 Iwwerdeems wou de Jesus mat de Leit am Gespréich war,
stoungen seng Mamm an seng Bridder dobaussen
a wollte mat him schwätzen.
47 [Du sot een zu him: "Kuck,
deng Mamm an deng Bridder stinn dobaussen
a wëlle mat dir schwätzen!"]
48 Hien awer huet deem, deen him dat gesot hat, geäntwert:
"Wien ass meng Mamm,
a wie si meng Bridder?"
49 An hien huet d'Hand ausgestreckt,
op seng Jünger gewisen
a gesot: "Kuckt, hei si meng Mamm a meng Bridder.
50 Well deen,
deen dat mécht, wat mäi Papp am Himmel wëllt,
deen ass mäi Brudder, meng Schwëster a meng Mamm."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*